

Little Shakespeare

Theaterschoul - Schoultheater

Szen 1 - Intro:

- Et gëtt en Erzieler, die gëtt iwwer Band agespillt. Mat Musik hannerluecht.
- D'Botzfraë botzen, d'Sekretärin tippt, de Portier riicht e Panneau op, op diem ganz vill kleng Ziedelcher hänken...

Erzieler: Oh, entschëllegt, léif Gäscht, elo hat ech iech bal net gesinn. Et ass iewer och eppes méi lass, haut hei an eiser Theaterschoul. Alles ass am Damp, wëll dat grousst Fest soll jo och dëst Joer nees e Riesenerfolleg ginn.

Kuckt do, d'Botzfraën schrappen d'Biedem bis se fonkelen wéi Edelsteng, d'Sekretärin schreift d'Invitatiounen fir d'Eieregäsch, geschwënn huet se de Krämpchen an de Fanger. Iwweregens - jidderee freet sech, op den Här Buergermeeschter dëst Joer op dat grousst Fest kënnt. Bis elo war hie nach ni do a kee Mënsch wees firwat...

De Portier huet déi ganz schwéier Aufgab, de Stonneplang mat all den Examens-Rendez-vousë fir d'Schüler ze maachen an opzehänken. Dat ass all Joer eng immens Plo fir hien an do hëllt hien sech och all Kéier vir, dës Aarbécht engem vun de Proffen zouzeschousteren. An dier Zäit, wou hien den Examensplang muss maachen, ass hien ëmmer déck nervös, an zolitt granzeg. Hien ass jo soss die beschte Portier vun der Welt, mee elo ass net gutt Kiische mit him z'iessen.

D'Proffen hunn elo natiirlech immens vill ze dinn. Déi lescht Kuren virun den Examen an dem groussen Theaterschoulfest sinn ëmmer ganz schéin ustrengend, fir si, iewer och fir d'Schüler.

- Danzatelier
- Pantomimsatelier
- Romeo & Julia

Kee vun de Proffe wëllt sech soe loossen, datt seng Schüler den Examen net ginge packen, a kee vun de Schüler wëllt am Examen duerchfalen, wëll dann dierft e net um grouse Fest deelhuefen a wat nach vill schlëmmer ass, da ging en vun der Theaterschoul verwise ginn, da misst en Heem goen an all seng Dreem vun enger grousser Karriär op de Bühne vu New York, Berlin an Tokio vergiessen. Dat ass dat Allerschlëmmst, wat engem Schüler aus der Theaterschoul kéinnt geschéien. Iwwerall ging dann de Geck mat diem aarme Käreleche gemaach ginn, d'Leit gingen sech leschteg iwwer e maachen: "A, kuck do, dien dichtegen Acteur, dien et just bis bei den Exame gepackt huet. Hie wollt dach esou berühmt wéi den Georg Clooney ginn an esou räich wéi de Brat Pitt, an elo huet en dat éischt Joer an dier lächerlecher Theaterschoul emol net gepackt." All weisen se da mam Fanger op die klenge Wiermchen, an halen sech de Bauch vu Laachen. Esou ass dat bei de Leit: Wëllt een héigeraus, a gelenkt diem dat dann och nach, da si se neidesch; fällt hien iwwer déif an d'Lach, laachen se en aus a soen, e wier sech et jo selwer esou siche gaangen.

Den Direkter huet elo eng ganz wichteg Roll ze spillen. Hie muss derfir suergen, datt all d'Proffe gutt mat de Kanner léieren, datt all d'Kanner fläisseg a begeeschtert un d'Aarbécht ginn, an datt d'Organisatioun fir d'Examen an dat grousst Fest ouni Zwëscheffäll iwwer d'Bühn geet. Do muss hien dann dacks bis spéit an d'Nuecht schaffen, an e kritt net vill ze schlofen. Iwwer och op d'Keess mat alle Suë vun der Theaterschoul muss hie gutt oppassen, net datt déi verluer geet, oder geklaut gëtt. Wëll wa keng Sue méi do sinn, dat wësst dir jo och, léif Gäscht, dann ass

et séier eriwwer mat der Freed, da muss d'Theaterschoul zoumaachen.

Maja, esou ass dat, ...dir sidd hei op Besuch an dier wichtegster Theaterschoul vum ganze Land, wat soen ech, vum ganze Kontinent, vläicht esouguer vun der ganzer Welt. A wat d'Kanner hei léieren, dat vergiessen si hiert ganzt Liewe net méi. Domadder fannen si iwwerall eng Plaz a brauchen sech ni méi Suergen ze maachen, ni méi Angscht ze hunn an och ni méi ze fäerten. Wien duerch dës Theaterschoul gaangen ass, diem ka näischt méi geschéien...

Szen 2 - Akzident am Danzatelier:

D'Kanner maachen sech waarm.

Michelle: Tom, Bob, Leonardo, dir wësst em wat et elo geet!

Tom: Natiirlech, Michelle. Et ass déi lescht Prouw virum Examen.

Bob: Déi lescht Prouw virun der Entscheidung. Wat mir elo net léieren, dat léiere mir ni méi.

Michelle: Genee! Also nach eng Kéier op alles oppassen, wat d'Joffer Mandy seet. Si mengt et gutt mat eis, si huet eis scho villes bäibruecht. Mee du Leonardo, wat méchs du esou ee verdaddert Gesiicht?!

Leonardo: Ech wees et och net. Ech hu kee gutt Gefill. Bei mir geet esou eppes ëmmer schif.

Bob: Dat ass Lampenfieber, dat ass normal. A wat soll dann do scho schifgoen?

Leonardo: Et ass esou ee Gefill!

Tom: Ma wat schwätz du dann do, esou geet et eis all!

Leonardo: Ech spieren elo schonns, datt ech am Examen zevill opgereegt sinn, zevill nervös, datt ech alles falsch maachen. Dat ass bei mir ëmmer esou.

Michelle: Ou, et ass dach eréischt dien éischten Examen, dien s du méchs.

Leonardo: Mee datt et schifgeet, dat ass doutsécher.

Michelle: Ma Leonardo! Mir hu gutt trainéiert, vill geléiert a probéiert. Dat gesinn d'Proffen am Examen. An dofir fällt vun eis dräi keen duerch. Dat ass esou sécher wéi den Amen an der Kiirch!

Leonardo: Mengs du?

Michelle, Tom, Bob: Kloer wéi Hingerbritt!

Leonardo: Wann ech et net packen, da muss ech nees Heem. A mir hu net vill Suen. Meng Elteren hu joerelaang gespuert, fir mir d'Theaterschoul ze bezuelen. Ech wees net, wéi ech hinne soe soll, wann et hei net klappt.

Tom: Dat klappt schonn.

Bob: Am Noutfall hëllef mir.

Leonardo: Ass et wouer?

Michelle: Si mir Kollegen oder net?

Elo kënnt d'Danzjoffer eran.

Danzjoffer: Alles op d'Plazen, a lass...
1,2,3,4,5,6,7,8,1,2,3,4,5,6,7,8,....

*No enger gewässer Zäit maache si eng Paus. En zweete Grupp
Kanner sëtzt sech zesummen.*

Kevin: Marc, Max, dir wësst, wéi et ass. Si si besser wéi mir. A
wann et herno em d'Wurscht geet, dann huelen se si, an ee vun eis
muss nokucken, oder esouguer Heem.

Marc: Du hues Recht Kevin! Esou wäert et goen.

Max: Mee wat kënne mir dogéint maachen?

Kevin: ... Ech mengen ech hunn eng Iddi.

Max: Dajee, da so!

Kevin: Wa mer...

Marc: Wa mer wat?

Kevin: Wa mer ee vun hinnen einfach e bessen ... emstoussen.

Si kucken sech un a grinsen.

Marc: Emstoussen?

Kevin: Jo, einfach nëmmen e bëssen.

Max: Et ass och guer net gäer geschidd!

Marc: Mir wollten dat guer net, et ass einfach esou beim Training geschidd.

Kevin: Einfach e bësse schupsen, a schwupps ass et geschidd.

Marc: Esou eppes kann emol virkommen.

Max: Esouguer an diene beschte Famillen.

D'Prouf geet weider.

Danzjoffer: Kommt, mir maache weider. Alles op d'Plazen.
1,2,3,4,5,6,7,8,1,2,3,4,5,6,7,8,....

Beim Danzen stoussen de Kevin, de Marc an de Max de Leonardo onopfälleg em. De Leonardo fällt, bleibt um Buedem leien. Hien hält sech dat rietst Been. D'Prouw gëtt ënnerbrach.

Danzjoffer: Leonardo, mäi Jong, wat ass geschidd.

Leonardo: Aua, mäi Been.

Danzjoffer: Weis emol, wou deet et wéi?

Leonardo: Hei um Knéi?

Danzjoffer: Hei?

Leonardo: Aua!

Danzjoffer: Ech ginn de Portier sichen, da kann hien eng Ambulanz ruffen.

Leonardo: Nee, nee, Joffer Mandy, et ass net esou schlëmm, keng Ambulanz, et ass net esou schlëmm.

Danzjoffer: Leonardo, dat do gesäit net gutt aus. Ech ruffen de Portier. - Här Portier, Här Portier w.e.gl. ...

Portier: Wat ass dann elo schonns erem. Hei kënt een iewer ni zur Rou.

Danzjoffer: Mir hunn hei en Akzident, an ech mengen Dir musst eis eng Ambulanz ruffen.

Leonardo: Nee, Här Portier, keng Ambulanz, et ass net esou schlëmm. Kuckt et geet scho nees, kuckt, ech ka scho nees opstoen.

Mee de Leonardo kënt net aleng op, den Tom an de Bob mussen him hëllefen.

Leonardo: Gesidd Der, ech sti nees, et ass net esou wëll.

Portier: Also Joffer Mandy, gesidd Dir da net, datt et net esou schlëmm ass. Mee mech zu all Minutt, wat soen ech, zu all Sekonn vun der Aarbécht ofbréngen, do sidd Dir gutt drann. So, mengt dir alleguer, ech wier äeren Iesel, ech hätt näischt ze dinn. Da kuckt dach nëmme, elo steet e nees. Wat brauche mir do eng Ambulanz.

Leonardo: Jo, wat brache mir do eng Ambulanz.

Michelle: Ech mengen, ...

Leonardo: Nee, Michelle, alles OK. Et ass nees alles OK!

Danzjoffer: Ech hoffen, et ass wiirklech alles OK, Leonardo. Ech hu kee gutt Gefill. - Schluss fir haut, d'Danzstonn ass eriwwer. Ech wënschen iech nach alles Guddes fir mar, fir äeren Examen.

All: Merci, Joffer Mandy! Äddi bis mar!

Danzjoffer: Mee ech hu kee gutt Gefill, nee, ech hu kee gutt Gefill.

Leonardo: Alles an der Rei, bis mar, Joffer Mandy!

Se ginn all eraus. Beim Erausgoen kommen de Kevin, de Marc an de Max ganz no laanscht de Leonardo.

Kevin: Kee Wuert, soss bass du fälleg, hues du verstaan?!!!

Leonardo: Hm?

Marc: Wann een eppes heivunner gewuer gött, ...

Max: ... da kanns du däin Testament maachen.

Kevin: Mierk dir dat gutt, Klengen.

Leonardo: ...

D'Michelle gesäit, datt déi dräi eppes mam Leonardo pësperen.

Michelle: Wat gött et do ze pèsperen?

Marc: Haal du dech do eraus, du domm Geess, dat geet dech näischt un.

Michelle: De Leonardo ass mäi Kolleg. Wat hutt dir him gedoën?

Kevin: Da fro en dach selwer... Hie seet dir näischt - an eis kriss de net, hahaha!

Michelle: Ma da waart...

D'Michelle leeft hannert dienen dräi. Si komme laanscht dem Portier säi Panneau, an d'Michelle stéisst en, ouni datt et derfir konnt, em. D'Ziedelcher, déi de Portier grad all opgehaangen hat fléien duerch d'Luucht. De Portier ass ausser sech.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

De Portier fänkt nees un, d'Ziedelcher opzehänken.

Déi dräi Tussien, d'Pamela, d'Alexandra an d'Amanda kommen op d'Bühn a sangen hiert Lidd.

MIR SINN IEWER GUTT!

*Gudde moien dir Damen, gudde Moien dir Hären,
mir sinn déi dräi an dir gesidd eis gären.
Mir sinn esou gutt, mir sinn esou cool,
mir sinn déi bescht vun eiser ganzer School.*

*Ech sinn d'Amanda an ech ka gutt sangen.
An ech sinn d'Pamela an ech ka ganz gutt sprangen.
Sangen a sprangen kann ech nach vill besser,
ech sinn d'Alexandra, schaarf wéi ee Messer.*

*Wa mir op der Bühn stinn, da schwärmen all d'Jongen.
Wa mir op der Bühn stinn, da gi si bal geckeg.
Mir sinn esou cool, eemolech a - superfantastesch!*

Wa mir emol grouss sinn, da gi mir berühmt (3mol)

*Esou wéi de Brad Pitt an d'Angelina Jolie,
de Leonardo di Caprio, de Lukas Podolski,
den Daniel Craig an d'Claudia Schiffer
d'Jennifer Lopez a....*

*Beim Erausgoen geheien si dem Portier säi Paneau express em.
D'Ziedelcher, déi de Portier grad all opgehaangen hat fléien
duerch d'Luucht. De Portier ass ausser sech.*

*Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg.
Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech
kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der
Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...*

De Portier fänkt nees un, d'Ziedelcher opzehänken.

Szen 3 - D'Keesss gëtt geklaut:

Erzieler: De Leonardo hat de Fouss verstaucht. Hie konnt net méi dropptrëppelen, also war och net un den Examen, a schonns guer net un dat grousst Joresofschlossfest ze denken. Eppes war dem Leonardo a senge Kollegen, dem Michelle, dem Tom an dem Bob iewer direkt kloer: wann de Leonardo den Exame net maache kann, da gött hien Heem geschéckt! Dat ass esou, wéi wann hien den Examen net gepackt hätt. - Dir sot elo dat wier ongerecht, hie kënnt jo net dofir, jidderee kënnt alt emol krank ginn, an ausserdem hätten de Kevin, de Marc an de Max hie gestouss...

Mee hei op der Theaterschoul ass dat egal. Et gött hei eng Regel, an déi heescht: Wann een den Examen net mécht oder net packt, da muss en Heem. Punkt, fäerdeg, aus. Do huet et kee Wäert ze diskutéieren, dat ass esou.

Mee wat soll de Leonardo nëmme sengen Eltere verzielen, wann en Heem kënnt? Si hu keng Suen, si haten all hier Erspuernisser zesummegekraazt, fir hierem eenzege Jong déi bescht Schoul vun der Welt ze bezuelen. An elo ass hie schonns no engem Joer erausgehait ginn, wëll hien net an den Exame konnt goen. Seng Elteren haten héich Erwaardungen un hiere Jong gestallt, an elo si si bestëmmt immens enttäuscht. De Leonardo huet sech déck geschummt, vill gekrasch, an och den Trouscht vu senge Kollegen konnt hie net méi opmonteren.

...

Den Direkter hat elo aner Suergen.

An Büro vum Direkter.

Direkter: Mamsell Annabelle Exelltabell, hutt Dir déi schnuckeleg kleng Invitatioune schonns fäerdeg getippt?

Sekretäarin: Selbstverständlech, Här Direkter Vierz van der Bommel, de Portier huet se haut op d'Post gedroen.

Direkter: Mamsell Annabelle Exelltabell, hutt Dir die schnuckeleg klenge Buergermeeschter net vergiess?

Sekretärin: Selbstverständlech net, Här Direkter Viez van der Bommel, ech hunn him eng Extragrouss geschriwwen.

Direkter: Mamsell Annabelle Exelltabell, hutt dir diem schnuckeleg klenge Portier de Plang vun den Exame schonns ginn?

Sekretärin: Selbstverständlech, Här Direkter Viez van der Bommel, hien huet de Plang schonns op säi Bried am Hall gehang.

Direkter: Mamsell Annabelle Exelltabell, hatt Dir schonns diene schnuckeleg klengen Damen an Häre Professere gesot, um wivill Auer si hier Optrëtter um grouse Joeresofschlossfest hunn?

Sekretärin: Selbstverständlech, Här Direkter Viez van der Bommel, den Diktiounsprofesser, den Här Albert Gilbert Cammenbert ging gären 3 Minutten a 15 Sekonnen éischer optrieden, de Musiks- a Gesangprofesser, den Här Louis van der Corsendonk ass mat sengem Termin guer net zefridden, hie schléit en aneren Dag vir, den Zirkusprofesser Marino Marinello Margarinetto fënd 32 Minutten a 34 Sekonne fir säin Optrëtt ze kuerz, an de Pantomimesproff Aldo Adolfo Alfonso Sauerkraut ass...

Direkter: Mamsell Annabelle Exelltabell, verschount mech, verschount mech! Et ass all Joer dat selwecht. Am Ufank beklot sech jiddereen, an herno machen se all wéi et um Plang steet. Waart Dir dann och schonns déi schnuckeleg kleng Keess op d'Bank sichen? Ouni Suen kënne mir dat groust Fest jo net organisieren.

Sekretärin: Selbstverständlech, Här Direkter Viez van der Bommel, d'Keess steet virun Iech op Äerem Büro.

Direkter: Omeiomei, dat ass onverantwortlech, Mamsell Annabelle Exelltabell, wësst Dir net, datt an dëser Këscht all d'Suen vun eiser schnuckeleg klenger Theaterschoul sinn? Wann déi géif verluer goen, oder nach schlimmer, wann déi géif geklaut ginn, da misste mir eis Schoul zoumaachen. Da wier et eriwwer, Schluss aus und vorbei. Verstidd Dir?!?!?

Sekretärin: Selbstverständlech, Här Direkter Viez van der Bommel, ech si jo net domm.

Et tockt, de Portier kënnt eran.

Direkter: Die schnuckeleg klenge Portier, a wat wëllt Dir dann elo scho nees?

Portier: Här Direkter Viez van der Bommel, am Dankur vun der Joffer Mandy Spitz ass et en Akzident ginn.

Direkter: En Akzident?

Portier: Jo, en Akzident. Ee vun de Schüler huet sech um Been verletzt, an elo wees ech net, ob mir sollen d'Ambulanz ruffen.

Direkter: Wou ass die Schüler. Ech muss mir déi Blessur ukucken. Et wäert dach näischt Schlämmes sinn. Mir haten dier Akzidenter an der Lescht dach schonns genuch. An ëmmer bei dier schnuckeleg klenger Joffer Mandy Spitz. Déi hunn einfach keng Autoritéit méi, déi jonk Proffen, keng Autoritéit. Also wann d'Zeitung dat gewuer gëtt, da kënnt erem esou een ongenéierten Artikel ... ech muss mir dat ukucken, wou ass die Jong, kommt

Mamsell Annabelle Exelltabell, kommt, Dir gitt och mat, e bëssen weiblech Intuitioun ka näischt schueden.

Si laafen eraus, a stoussen dobäi dem Portier säi Panneau em.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

Et gött ganz däischer. Op emol gesäit een de Schäin vun zwou Täscheluuchten. Et sinn de Gangster Jo an de Gangster Jim. Si beliichte mat hiere Luuchten d'Keess, déi nach ëmmer um Büro steet.

Erzieler: Psssssssssssssst, dat sinn de Gangster Jim an de Gangster Jo, déi zwee geféierlechst Abriecher wäit a breed. Déi zwee hunn et bestëmmt op d'Keesss vum Direkter Viez van der Bommel ofgesinn. Omeiomei, wann déi d'Keesss elo klauen, dann ass et eriwwer mat der Theaterschoul a mir kënnen all zesummen heemgoen.

D'Gangstere flüsteren.

Jo: Gangster Jim, do kanns du elo soe wat s du wëlls. Dat war e gudden Tip vum alen Al Capone.

Jim: Genee, Gangster Jo. Dien alen Al Capone wusst nach ëmmer, wou ee liicht Sue verdinge kann.

Jo: Kuck, do steet se.

Jim: Jo, an et ass emol keen heibannen.

Jo: Dat ass méi einfach, wéi ech mir et geduecht hat.

Jim: Wat wäert dien alen Viez Aë maachen, wa seng schnuckeleg kleng Keess op emol fort ass.

Jo: A seng schnuckeleg kleng Tipsie eréischt, d'Mamsell Anabell Exelltabell. Ech wëllt ech kënn hier domm Gesiichter gesinn, wa se mar hei stinn...

Et héiert ee Schrëtt. Déi zwee Gangstere verstoppen sech ënner de Büro vum Direkter. Den Direkter an d'Sekretärin kommen eran.

Direkter: Nëmme keng Ambulanz. Bei diem Getuuts wees herno nees d'ganz schnuckeleg kleng Stadt, datt hei eppes geschidd ass. Nëmme keng Ambulanz.

Sekretärin: Mee, Här Direkter Viez van der Bommel, die Jong huet sech de Fouss verstaucht. Vlächicht misst hie geröngt ginn.

Direkter: Nix da, Mamsell Anabell Exelltabell. Dat gött zevill Gespréich. Keng Ambulanz hunn ech gesot.

Sekretärin: Mee bei den Dokter, Här Direkter Viez van der Bommel, bei den Dokter musse mir iewer mam Leonardo.

Direkter: Keng Ambulanz a keen Dokter. Kee Getuuts a kee Gespréich. Hutt Dir verstan, Mamsell Anabell Exelltabell, hutt Dir verstan! Ech ginn elo nach séier den Ziedel fäerdeg maachen, fir diem Leonardo seng Elteren, datt déi wëssen datt hiere schnuckeleg kleng Fissie geschwënn Heem kënn, an Iech, Mamsell Exelltabell, an Iech soen ech et elo fir d'Lescht: *hie bläert elo ganz haart Sot diene schnuckeleg kleng Botzfraen,*

datt se de Bueden net esou blenkeg solle schrupperen, datt d'Schüler drop ausrutschen an emfalen. Wa se nach eng Kéier esou blénkeg botzen, da gi se entlooss. Hutt Dir dat verstan, Mamsell, hutt Dir dat gutt verstan?!!!

Den Direkter verschwënd. D'Sekretärin bleibt nach ee Moment wéi ugewuerzelt stoen, da leeft se bei de Portier.

Sekretärin: Ech ginn elo nach séier den Ziedel fäerdeg tippen, fir diem Leonardo seng Elteren, datt déi wëssen datt hiere Fissie geschwënn Heem kënnt, an Iech, Monsieur Portier, an Iech soen ech et elo fir d'Lescht: *si bläert elo ganz haart* Sot diene schnuckeleg klenge Botzfraen, datt si de Bueden net esou blenkeg solle schrupperen, datt d'Schüler drop ausrutschen an emfalen. Wa se nach eng Kéier esou blénkeg botzen, da gi se entlooss. Hutt Dir dat verstan, Monsieur, hutt Dir dat gutt verstan?!!!

D'Sekretärin verschwënd. De Portier bleibt nach ee Moment wéi ugewuerzelt stoen, da leeft e bei d'Botzfraën.

Portier: Ech ginn elo nach séier meng Ziedelen fäerdeg ophänken, fir datt jidderee wees, wéini en Examen huet, an Iech, Madame Botzfraën, an Iech soen ech et elo fir d'Lescht: *hie bläert elo ganz haart* Ech soen Iech schnuckeleg klenge Botzfraen, datt dir de Bueden net esou blenkeg schrupperen sollt, datt d'Schüler drop ausrutschen an emfalen. Wann Dir nach eng Kéier esou blénkeg botzt, da gitt Dir entlooss. Hutt Dir dat verstan, Dir Madame Botzfraën, hutt Dir dat gutt verstan?!!!

D'Botzfraë kucken sech nach ee Moment verdaddert un, da geheien se d'Schrupperten op de Buedem, a laafen eraus. Dobäi geheien se dem Portier säi Panneau em, an d'Ziedelcher fléien nees eng Kéier duerch d'Luucht.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

Elo ass et nees däischer, an déi zwee Gangsteren komme mat hieren Täscheluuchten ënner dem Dësch eraus.

Jo: Kuck, se steet nach ëmmer do!

Jim: Jo, mee net méi laang.

Jo: Ou, firwat?

Jim: Ma dann hunn ech se geholl.

Jo: ... Nee, ech huelen se.

Jim: Ech huelen se, ech hunn et fir d'éischt gesot.

Jo: Nee, ech huelen se, ... ech hu se fir d'éischt gesinn.

Jim: Ech huelen se. Dien ale Capone huet mir et fir d'éischt gesot.

Jo: Nee, ech huelen se, ech hunn dien ale Capone fir d'éischt kannt.

Déi zwee stellen sech. Si leeën d'Täscheluuchten eweg: Duell!

Jim: Gangster Jo...

Jo: Jo, Gangster Jim...

Jim: Ech mengen, mir hunn e Problem.

Den Jim hëllt de Revolver eraus.

Jo: Genee, ech mengen esouguer, mir hunn e grouse Problem.

Och den Jo zitt säi Revolver. Si danzen e puer Schrëtt ëm de Büro.

Jim: So Gangster Jo, ...

Jo: Jo, Gangster Jim, ...

Jim: Ech hunn eng Iddi!

Jo: Wat fir eng Iddi?

Jim: Komm, mir huelen se zesummen.

Zesummen droën si d'Këscht mat de Suen eraus. Luucht aus.

Szen 4 - Danzen oder Sängen:

D'Kanner sinn zesummen am Musikskur vum Här Louis van Corsendonk.

Erzieler: Esou, elo ass et geschidd! Déi zwee Gangsteren hunn d'Keess vun der Theaterschoul matgeholl. Dat ass esou zimlech dat Schlëmmst wat konnt geschéien. Ouni Suen, keng Pei fir den Direkter, d'Proffen, de Portier, d'Sekretärin an d'Botzfraën. A fir

näischt kommen all déi Leit och net schaffen! Mee wa kee méi an d'Theaterschoul schaffe kënt, dann ass kee méi do fir mat de Kanner ze léieren. A wann d'Kanner näischt léieren, da schécken hier Elteren se net méi an d'Schoul. An eng Schoul ouni Kanner, dat ass keng Schoul. Wann den Direkter also net esou séier wéi méiglech d'Keess zrëckkritt, da muss hien d'Schoul zoumaachen! Dat ass schlëmm, ganz schlëmm, wëll d'Kanner komme gären an d'Theaterschoul.

Am Moment wees iewer nach keen eppes dovunner, an d'Kanner sinn hei bei hierem Musiksprofesser, dem Här Louis van Corsendonk, fir sängen ze léieren. Beim Sange kann ee sätzen, oder op d'mannst stoen. Dat ass gutt fir de Leonardo, da mierkt keen, datt säi Been him elo esou wéi deet, datt hie net méi drop trëppele kann.

All d'Kanner sti virum Louis van Corsendonk. Hien dirigéiert.

Et bleift keng Zäit

Ref:

*Wat ass haut esou Villes lass
Villes gött gebueden
Fester, Fernseh et ass krass
Mir sinn all déck gelueden*

*Eng Schlippchen hei
e Wippchen do
Kuch an Taart
leie schwéier um Mo*

*Et bleift keng Zäit
méi séier méi wäit
haut am Stress*

a mar an der Press

*Wat ass haut esou Villes lass
Iwwerall derbäi, dat ass krass*

*1. Méindes halen ech mech fit
Ech walken an ech lafen
Dono sinn ech nach net midd
Nei Turnschung muss ech kafen*

*2. Dënschdes séier an de Cours
Eng Friemsprooch gëtt geléiert
Ei wat gëtt een do gewuer
A just nach Russesch parléiert*

*3. Mëttwochs gëtt da luesgemaach
An d'Sauna a relaxéiert
E killen Drink dann un der Bar
gerëselt oder geréiert*

*4. Donneschdes ass da Versammlung
Vu Fussball oder Musik
Am Kostüm séier nach op d'Eierung
Fir all d'Leit aus der Politik*

*5. Freidesowes ginn ech iessen
Vill an och gutt deier
A fuere nach, ier ech et vergiessen
Mam Ballon iwwer de Weier*

*6. Samschdes ginn ech op de Bal
Du kanns jo do net feelen
An an dem Bistro nieft der Hal*

Man ech eng Parti Keelen

7. Och Sonndes gött et näischt ze raschten

Ob Fester oder Kiermes

Och däerf et roueg eppes kaschten

Ganz flott ass eppes Friemes

Musiksprof: Bravo, Kanner, dir hutt gutt gesongen. Wann dir iech esou haut de Mëtteg am Examen drugitt, da kann do näischt schifgoen. Ech wënschen iech all vill Gléck.

All: Merci, Här van Corsendonk.

Musiksprof: Also nach eng Kéier, toitoitoi fir de Mëtteg!

All: Merci, Här van Corsendonk.

Musiksprof: A vergiest net äer Noutenhefter!

All: Nee, Här van Corsendonk.

Musiksprof: A nach vill Waasser drénken, hutt dir verstan, vill Waasser drénken!

All: Jo, Här van Corsendonk.

Musiksprof: Maja, da bis de Mëtteg...

All: Bis de Mëtteg, Här van Corsendonk.

Musiksprof: Dat wäert scho klappen!

All: Scho klappen, Här van Corsendonk!

Musiksproff: Scho klappen!

All: Scho klappen, Här van Corsendonk!

Musiksproff: Da kënnt dir elo op är Zëmmeren.

All: Merci, Här van Corsendonk.

Musiksproff: Äddi, Kanner!

All: Äddi, Här van Corsendonk!

Wéi de Blëtz verschwannen all d'Kanner. Beim Erauslafen geheien si dem Portier säi Paneau express em. D'Ziedelcher, déi de Portier grad all opgehaangen hat fléien duerch d'Luucht. De Portier ass ausser sech.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

De Portier fänkt nees un, d'Ziedelcher opzehänken.

Just d'Michelle, de Leonardo, de Bob an den Tom bleiwe stoen. De Leonardo ka net gutt goen.

Tom: Geet et Leonardo?

Leonardo: Et muss!

Bob: Kanns du aleng goen?

Leonardo: Ech probéieren emol.

De Leonardo kënnt net virun.

Michelle: Komm, mir hëllef dir.

Leonardo: Merci.

Bob: Tom, pack du en déi aner Säit un. Da geet et.

Leonardo: Guer näischt geet, ech komme net weider.

Michelle: Vläch zitts du de Mëtteg Sengen.

Leonardo: Dat wier gutt!

Erzieler: D'Examensfächer an der Theaterschoul si fir dat éischt Joer Danzen, Musik an Theater. D'Kanner gi bei den Direkter, an dann zéien se aus enger Këscht hiert Fach. An diem Fach kréien se da vun hirem Professor eng Aufgab gestallt. Léisen se dës Aufgab gutt, kënnen se an dat zweet Joer vun der Theaterschoul. Kënnen se déi Aufgab net léisen, müssen se Heem fueren, an därerfe ni méi op d'Theaterschoul zréc. - Wéi, fand dir dat ongerecht? Fand dir dat ze streng? Ass et bei iech an der Schoul net esou streng? Ma da sidd frou, dann hutt dir et gutt!

Leonardo: Wann ech Danzen zéien, da brauch ech guer net unzufänken.

Michelle: Du zitts bestëmmt Musik. Da sengs du e Liddchen a bas am zweete Joer.

Leonardo: Michelle, ech spiren et, ech zéien Danzen. Ech hunn dach ëmmer nëmme Pech!

Szen 5 - De Leonardo ass um Enn:

Erzieler: An elo ass et esou wäit! Die Moment, op dien all d'Schüler aus dem éischte Joer vun der Theaterschoul esou laang gewaart hunn, ass elo endlech do! Gespaant an opgereegt gi si an de Büro vum Här Direkter Viez van der Bommel an zéien aus dier berühmter a grad esou gefaarter Këscht hiert Examensfach.

Déi eng sinn déck zefridden, wëll se dat Fach geszunn hunn, an diem se gutt sinn. Déi aner loosse de Kapp hänken, wëll si aner Saache besser kënnen. Mee zum Schluss geet et iewer fir jidderee gutt aus, an all kommen se um Enn vum Examen an dat zweet Joer.

Fir all? Hat ech elo wiirkelech fir all gesot? Abee, fir ee vun de Schüler ass et dës Kéier net esou gutt gaangen, an dir kënnt säi Numm all... et ass ...

De Leonardo geet, gestäipt vum Tom a vum Bob bei den Direkter.

Direkter: A, hei kënnt eise jëngsten, eise schnuckeleg klenge Leonardo. A mir hate schonns gemengt, du kéims guer net méi, wéinst denger Verletzung. Mir hate scho gemengt, du wëlls opginn, den Examen einfach luppe loosse. Mee nee!!! Du hues bis ganz zum Schluss gewaart, dat verdingt Respekt, mäi Jong, domadder hues du vill Courage bewisen. Da komm heihinner, an dann zitts du dir hei aus der schwaarzer Këscht deng schnuckeleg kleng Examensaufgab.

De Leonardo geet dohinner, nach ëmmer gestäipt vu senge Kollegen, gräift an d'schwarz Këscht, liest den Ziedel, an a

sengen Aën erkennt ee Freed an Erliichterung. Hie weist de Kollegen den Ziedel, an och si sinn déck zefridden.

Direkter: Da weis emol heihinner, mäi Jong: a, du hues Theater gezunn. Dat ass eist Haaptfach! Guer net esou einfach, mee wéi ech dech kennen, hues du deng schnuckeleg kleng Texter gutt geléiert.

Leonardo: Vum Goethe iwwer de Molière an de Voltaire bis bei de Shakespeare kennen ech se all op de Fingerspëtzen, Här Direkter.

Direkter: Mir haten et och net anescht erwaart, Leonardo. Här Professor Albert Gilbert Camenbert, da verrot eis, an eisem schnuckeleg klenge Kandidat aus dem éischte Joer, seng Aufgab, fir datt mir fäerdeg mam Exame ginn. Da wäerte mir mat grousser Freed och dëst Joer nees feststellen, datt all eis Schüler et gepackt hunn.

Theaterproff: Leonardo, hei ass deng Aufgab: Aus diem berühmten Drama vum William Shakespeare "Romeo and Juliette" solls du eis Szen spillen. D'Madame Mandy Spitz, eis beléiften Danzjoffer, steet dir als Julia zur Säit, esou dass du do bestëmmt kee Problem kriss. A lass.

De Leonardo wees säin Text zwar fantastesch, mee e kritt sech einfach net dohinner geknéit....

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, oh wéi ass et mir

Doheem kann ech net méi virun d'Dir

Ouni dass ech ging mat warmem Häerz

Un dech dech denken, mat séissem Schmäerz.

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, ma du muss dach wëssen
Mir zwee, mir wäerten eis ni këssen
Mäi Papp, meng Mamm a meng ganz Famill
Sinn all do dergéint, a si sinn zu vill

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, de Misär ass grouss
Batter a sauer, wéi Sauermouss
Ze grouss ass meng Léift, ze grouss den Désir
Wat ging ech drëm ginn, die schönste Pläsir

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, mir geet et just zelwecht
An jidderee soll et héiere, wa mäin Häerz elo brecht
Fir dech ging ech duerch all Feier goen
All Péng erdroen an all Gëft verdroen

Romeo:

Oh Juliette, Oh Juliette, virun dir knéien ech elo nidder
Fille mech ewéi dout, vir bäi an hanne widder
Ech kloen iech un, meng Schwëstere, meng Bridder
meng ganz Famill, wat sidd dir all midder

Juliette:

Oh Romeo, Oh Romeo, wéii Recht du dach hues
Mee trotz allem Leed ass eis Léift nach gewues
Komm hei bei mech a mach net ze lues
Datt ech nach eemol dech ka kessen, ganz liicht, ... an op d'Nues

Theaterproff: Hei d'Resultat vum Examen am Fach Theater: De
Schüler huet d'Aufgab, déi ech, den Theaterprofessor Albert
Gilbert Camenbert, gestallt hunn, net gepackt. Den Text huet en
zwar perfekt bekerrscht, mee säi Spill war méi wéi schlecht!

Direkter: Dat ass e Skandal!

Sekretärin: Oh mei, dat hunn ech nach ni materlieft, zanter ech an dëser Schoul schaffen.

D'Mamsell fällt em a geréit dobäi dem Portier säi Panneau.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

Direkter: Domadder, Leonardo, muss du Heem. E Schüler, dien säin Exame net packt, muss Heem, dat ass eng Regel hei an der Schoul. Pack den Saachen, a mar hëls du um ning Auer de schnuckeleg klengen Zuch (*kräischt*).

Szen 6 - D'Keesss ass fort:

Erzieler: Jo, esou ass et dem Leonardo gaangen. Ouni datt hien dofir konnt, ass hien Heem bei seng Eltere geschéckt ginn, déi die leschte Su gespuert haten, fir hierem Jong eng Ausbildung op der Theaterschoul ze finanzéieren. Esou kann et goen am Liewen. Dir fand dat bestëmmt och voll ongerecht...

Elo sëtzt hie mat senge Kollegen op sengem Zëmmer an ass am gaangen ze paacken. All loossen se de Kapp hänken, all hu se d'Flemm, an all wëssen se net, wéi et elo weidergoe soll. Am léifste gingen se bei den Direkter lafen, an diem verzielen, wéi alles gaangen ass. Mee och dat ging näischt méi änneren, wëll d'Regelen an der Theaterschoul eben esou sinn, wéi se sinn. Do ass näischt ze maachen, an och die beschten schnuckeleg klengen Direkter kann déi elo net op emol änneren.

An ausserdem huet dien elo aner Suergen...

Direkter: Hëllef, Hëllef, Hëllef, e Skandal, eng Katastrof, ...

D'Sekretärin kënnt gelaf a stéisst de Paneau vum Portier em.

Portier: Nee, nee a nach eng Kéier nee!!! Elo war ech just fäerdeg. Sot haalt dir mech fir Äeren Iesel. O waart, wann ech iech kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

Direkter: Ma Portier, halt Dir dach emol de Mond, mat Äerem aarmséilege Panneau do. Kommt léiwer heihinner, ...

Sekretärin: Här Direkter Vierz van der Bommel, esou hunn ech Iech jo nach ni fluchen héieren, wat ass da nëmme geschidd.

Direkter: Mamsell, et ass eppes Schreckleches geschitt...

Sekretärin: ... eppes Schreckleches!!!

Direkter: Jo, eppes Fierchterleches...

Sekretärin: ... eppes Fiirchterleches!!!

Direkter: Jo, eppes Katastrofales!

Sekretärin: Ma da schwätzt, Här Direkter. Wat ass geschidd.

Direkter: Et ass ze schlëmm, ech kann et net soen.

Sekretärin: Streiken d'Professeren?

Direkter: Nee, et ass schlëmmer!

Sekretärin: Kënnt de Buergermeeschter nees net op dat grousst
Ofschlossfest?

Direkter: Nee, et ass schlëmmer!

Sekretärin: Huet Äer Fra iech verlooss?

Direkter: Nee, et ass schlëmmer!

Sekretärin: Ma sot mir et, léiwen Direkter, sot mir et direkt!

Direkter: Et ass hannerhälteg, et ass infek!

Sekretärin: Eraus mat der Sprooch, met méi gezéckt.

Direkter: Ma, ... ma, ... ma, ... kuckt selwer, da gesidd Dir die ganze
Misär!

Sekretärin: Ech gesinn Ären eidelen an schéin opgeraumte Büro,
mäin Här. Soss gesinn ech näischt.

Direkter: Soss näischt?

Sekretärin: Nee, soss näischt!

Direkter: Ma dat ass et! Soss näischt steet um Büro.

Sekretärin: Jo, dat gesinn ech och grad elo.

Direkter: Mee do, gennee do, do wou elo iwverhaapt näischt
steet, Mamsell, do stung nach bis viru kuerzer Zäit ...

Sekretärin: Jo, Här Direkter, wat stung do?

Direkter: eis Keeeeeeeeeeesss ... an elo ass se fort.

Sekretärin: Jo, Dir hutt Recht, elo ass se net méi do!

Erzieler: Esou séier kann et goen: elo ass de Leonardo op eemol net méi dien Eenzegen, déin am gaangen ass ze paacken, nee, d'ganz Theaterschoul muss paacken: den Direkter a seng Sekretärin, d'Proffen an de Portier, d'Schüler aus dem éischte Joer, déi aus dem zweete Joer an déi aus dem drëtte Joer. All müssen se fort, wëll eng Schoul ouni Suen, déi muss zou maachen. Déi eenzeg, déi net brauchen ze paacken, déi kënne weider schaffen, sinn d'Botzfraen, wëll an engem Gebei ëmmer Knascht gemaach gött, egal ob eng Schoul drann ass, eng Bank oder eng Gemeng.

Ech sinn anerer Meenung

Ref:

*Du sees jo - da soen ech nee
Wëll ech sinn an'rer Meenung
An wanns du opgees - ginn ech erof
Dat ass meng Entscheidung*

*Sees du hott da soen ech har
Gees du lénks da ginn ech riets
Stees du uewen da stinn ech ënnen
Bass du déck, sinn ech en Dënnen*

*Du gesäis schwaarz - da gesinn ech wäiss
Wëll ech sinn an'rer Meenung
Schwätz du vun Hippches - schwätzen ech vun Happches*

Dat ass meng Entscheidung

*1. Den Trainer seet "alleguer no vir"
Den Ugrëff wier déi bescht Ofwier
Mee säi Käptain dien ass net dofir
Ze wäit sting dann hannen op déi Dir*

*2. Den Inder wollt eis Arbed kafen
Fir domat nach vill méi Geld ze rafen
Eis Arbed wollt him du fortlafen
Mee elo kënne si nach just domm afen*

*3. Tokio Hotel déi sinn tiptopp
Seet eist Kim a rässt d' Ae wäit op
Tokio Hotel dat ass décke Schrott
Seet eist Lynn a rëselt seng Kopp*

Szen 7 - D'Michelle fënd d'Keess:

Erzieler: An du waren d'Walissee gepaackt, d'Bicher ageraumt an d'Billetë kaaft, fir den Dag drop Heem ze fueren. D'Zäit war elo komm fir sech Äddi ze soen. Eis Kollegen, den Tom, de Bob, de Leonardo an d'Michelle hu sech alles Guddes gewënscht. Mee wat hätten si drëm ginn, fir kënnen hei an dëser Schoul ze bleiwen. Dir verstitt dat vläicht net, dir sidd ëmmer frou, wann et schellt, an dir kënt Heem goen, an dir sidd nach méi frou, wann et Vakanz ass, an dir braucht eng oder zwou Woche guer net an d'Schoul ze goen. Mee stellt iech nëmme vir, dir wiert an esou enger flotter Schoul wéi eis 4 Frënn...

Bob: Wat solle meng Eltere nëmme soen, wann ech mar virun der Dir stinn.

Leonardo: A meng eréischt! E Liewe laang hu se gespuert, fir mir dës Schoul kënnen ze bezuelen. An elo sinn ech duerchgefall.

Tom: Maach dir näischt draus, Leonardo, mir mussen och Heem.

Leonardo: Mee dir sidd net duerchgefall!

Bob: Dat ass elo och egal. Duerchgefall oder net, mir mussen all Heem.

Tom: Du muss dengen Eltere jo net soen, dass du duerchgefall bass. Du sees einfach, d'Gangsteren hätten d'Keesss vun der Schoul geklaut, elo wiere keng Sue méi do, an dofir wier d'Schoul elo zou. All d'Schüler an all d'Proffe mussen Heem. Du bass net dien eenzegel! Dat ass dach einfach.

Leonardo: Mengs du?

Tom: Kloer dat, null Problemo!

Michelle: Nee, dat geet net, dat kann ee net maachen. Et muss een ëmmer bei der Wouerecht bleiwen.

Bob: Oh Michelle. Wéi wann s du nach ni gelunn häss.

Michelle: Nach ni gelunn? Also, ech

Tom: Gesäis du, mee vum Leonardo häss du dat iewer gäeren.

Michelle: Jo, emol eng kleng Noutligen, mee...

Bob: Gelunn ass gelunn, fäerdeg!

Leonardo: Nondikass!

Tom: Wat ass dann elo nach?

Leonardo: Ech hu mäin Theaterbuch am Büro vum Här Direkter leie gelooss.

Bob: Dat brauchst du elo net méi!

Leonardo: Ech ginn et sichen.

Michelle: Paack emol fir d'éischt fäerdeg, kuck nëmmen, du bass mol nach net an der Halschend. Ech ginn dir et sichen. Ech kann haut souwisou net schlofen.

D'Michelle mécht sech op de Wee an de Büro. Ënnerwee héiert et Stëmmen.

Erzieler: D'Michelle mécht sech also op de Wee fir dem Leonardo säi Buch an de Büro vum Direkter Viez van der Bommel sichen ze goen. De Leonardo war esou niddergeschloen, wéi hien den Exame net gepakt hat, datt hien et einfach do vergiess hat. Op eemol,... wat ass dann dat do??? ... héiert d'Michelle Stëmmen. Ma dat si jo de Gangster Jo an de Gangster Jim. Sinn déi nach ëmmer net mat dier geklauter Keess iwver all Bierger? Elo gëtt et spannend.

Gangster Jim: Ech hu se fir d'éischt gesinn. Also ass et meng.

Gangster Jo: Ech hu se fir d'éischt ugepaackt, also ass et meng.

Gangster Jim: Wann ech se net gesinn hätt, häss du se net kënnen upaacken.

Gangster Jo: Wann ech se net ugepaackt hätt, da wier se elo net hei.

Gangster Jim: Dien se fir d'éischt gesäit, dien däerf se halen.

Gangster Jo: Dien se fir d'éischt beréiert, dien däerf se halen.

Déi zwee fänken un dozitt ze streiden.

Gangster Jim: Wann s du mir déi Keess elo net léis, zéien ech dir d'Oueren esou laang!

Gangster Jo: Wann s du mir déi Keess elo net léis, dréien ech dech dräimool an der Luucht ronderëm.

Gangster Jim: Wann s du mir déi Keess elo net léis, trëppelen ech dir op d'Zéiwen, dass du net méi riicht goe kanns.

Gangster Jo: Wann s du mir déi Keess elo net léis, rappen ech dech un den Hoer, dass du eng plakeg Kopp kriss.

Gangster Jim: Wann s du mir déi Keess elo net léis, jummen ech dech bis an den Himmel erop, an nach vill méi héich!

Gangster Jo: Wann s du mir déi Keess elo net léis, drécken ech dech an de Buedem, dass du op dier anerer Säit nees eraus kënns.

Erzieler: Déi zwee hunn esou gestriden, datt si guer net gemierkt hunn, wéi d'Michelle erageschlach koum, an d'Keess

einfach zr ckgeklaut huet. S ier huet hatt sech aus dem St bs
gemaach, ier ee vun hinnen eppes gemierkt huet.

Gangster Jim: Wann s du mir d i Keess elo net l is, da sp eren
ech dech an eng Rak it a sch cken dech bis op de Jupiter, da
k nns du ni m i erem.

Gangster Jo: Wann s du mir d i Keess elo net l is, dann t sselen
ech esou vill Holz a Steng a Buedem op dech, dass du nie m i
eraus k nns.

Gangster Jim: So, Gangster Jo!?!

Gangster Jo: Ja, Gangster Jim?!?

Gangster Jim: Hues du et och schonns gesinn?

Gangster Jo: Jo, ech hunn et gesinn. Mir si beklaut ginn. Et si
Gangsteren am Haus.

Gangster Jo & Jim: Een huet eis Keess geklaut. ... H llef, H llef,
Police, Gangstere sinn am Haus. Mir si beklaut ginn. H llef. Police,
Police, Police...

*D i zwee lafe fort a fuchtelen mat den H nn an der Luucht. Si
komme laanscht dem Portier s i Panneau, an d'Michelle st isst en,
ouni datt et derfir konnt, em. D'Ziedelcher, d i de Portier grad all
opgehaangen hat fl ien duerch d'Luucht. De Portier ass ausser
sech.*

Portier: Nee, nee a nach eng K ier nee!!! Elo war ech just f erdeg.
Sot haalt dir mech fir  eren Iesel. O waart, wann ech iech

kréien, da wäert ech iech d'Ouere sou laang d'zéien, iech an der Luucht dréien, bis iech Zänn aus de Bake wuessen...

De Portier fänkt nees un, d'Ziedelcher opzehänken.

Erzieler: Dir kennt jo bestëmmt d'Spréchwuert: Wann der zwee streiden, da ka sech dien drëtten freeën.

Mir gesinn d'Michelle elo ganz aleng mat der Keess am Scheinwerferlicht. De Scheinwerfer geet aus, an et ass ee Moment ganz donkel.

Szen 8 - Wat ass die richtege Wee:

Erzieler: Wat fir eng Freed! D'Michelle huet d'Keess fond. Wat fir e Gléck! Elo muss d'Theaterschoul net zougemaach ginn. Elo kann et weidergoen, mat de Kanner hieren Dreem vun de grouse Bühnen a vum groussen Erfolleg. D'Michelle weess, datt hatt d'Zukunft vun allen an den Hänn hält.

Séier leeft hatt mat der Kees bei d'Kollege.

Den Tom, de Bob an de Leonardo schlofe schonns.

Michelle: Kuckt emol, wat ech hei hunn!

Tom: Looss mech schlofen, Michelle. Ech si midd. Mar hu mir eng laang Reess virun eis.

Michelle: Eng laang Reess? Dat ech net laachen! D kuck emol hei, dajee!

Bob: Michelle, du bass en eenzege Plogeescht. Net emol an der Nuecht kanns du ee roueg loossen.

Michelle: Allez, dir Lidderhännëssen, opstoen. Mir hunn eppes ze feieren.

Leonardo: A wat soll ech nach ze feieren hunn. Méchs du de Géck mat mir?

Michelle: Kee Problem, dann hunn ech d'Keess ebe fir mech aleng!

Tom: D'Keess???

Bob: Wéi eng Keess?

Tom: D'Keess!

Bob: Eis Keess!!!

Michelle: Jo, eis Keess. De Gangster Jo an de Gangster Jim haten se geklaut. An dunn hunn ech hinnen se einfach neess zrëckgeklaut. An elo steet se hei. Voilà!

Tom: Ech gi géckeg!

E Moment Rou.

Bob: An elo? Wat maache mir elo?

Michelle: Wat da wuel?

Tom: Du geess bei den Direkter, gëss him d'Keess ërem...

Bob: ... an da freet sech jiddereen heibannen wéi de Keeser vu China.

Michelle: An ech, ech sinn den Held.

Bob: Du bass de Mega-Held!

Tom: An der Zeitung steet: „Michelle rettet die Theaterschule.“

Bob: De Radio mécht Interviewë mat dir.

Tom: An de Fernseh mécht Reportagen iwver dech.

Bob: Du gëss berühmt.

Tom: Du gëss weltberühmt.

Bob: Du bass schonns e Star, iers du aus der Theaterschoul eraus kënnst.

Tom: Dovunner dreemt jiddereen heibannen.

Bob: An dir geléngt dat elo, Michelle.

Tom: An ech kënnen dech. Ech kënnen e Megastar, wowww!

Bob: Kanns du mir en Autogramm ginn!?!?!?

Tom: Ech wëll däi Manager sinn.

Bob: An ech däi Bodyguard.

Michelle: Jo, esou geet dat, mir ginn alleguer Staren.

Leonardo: Jo, äddi dann. Et ass Zäit, ech muss elo op d'Gare, an enger halwer Stonn fiert mäin Zuch.

Tom: Salut Leonardo!

Bob: Salut, an eng gutt Reess!

Leonardo: A vill Spaass nach.

De Leonardo hëllt seng Wallis a lues, ganz lues geet en aus dem Zëmmer... Just d'Michelle kuckt him no.

Michelle : Leonardo ... ?

Tom : Mir mussen e Plang opstellen.

Bob: Mir brauchen déi richtig Kleeder.

Michelle: Leonardo, du kanns dach elo net esou einfach goen....?

De Leonardo dréit sech nach eng leschte Kéier em a wénkt.

Bob: Ouni coolen Outfit leeft iwverhaapt näischt.

Tom: Wat wir Tokio Hotel ouni déi richtig Klamotten?

Michelle: De Leonardo ass fort. Hien ass einfach esou gaangen.

Tom: Hien huet den Exame net gepackt, Pech!

Bob: Esou sinn d'Regelen. Mir hunn elo keng Zäit méi fir de Leonardo. Mir müssen eis em den Outfit këmmere.

Michelle: Mee et ass dach eise Kolleg.

Bob: Et war eise Kolleg. Elo ass e fort!

Tom: Et war eise Kolleg, ier mir zu Megastare gi sinn.

***Hei kënnt Dir die ganzen Text gratis
bestellen:
meyerr@gms.lu***